N°3541
Entrée le 02.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op d'parlamentaresch Fro n°3541 vun dem honoraablen Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wéi steet d'Regierung zu der aktueller Situatioun a wäert si sech op diplomateschem Plang dofir asetzen, dass d'Rechtsstaatlechkeet an den USA respektéiert gëtt?**

D'Regierung sëtzt sech weltwäit fir d'Anhalen vun internationalem Recht an den Respekt fir d'Rechtsstaatlechkeet an d'Mënscherechter an. Lëtzebuerg wäert deementspriechend weiderhin an den internationalen Foren fir dës Valeuren astoen an un all Länner appelléieren, fir dës Prinzippien ze respektéieren.

**2. Huet d'lëtzebuergesch Regierung sech mat der US-amerikanescher Ambassadrice zu Lëtzebuerg betreffend de Virfäll an den USA ausgetosch? Wat ass der Ambassadrice hir Positioun an Aschätzung betreffend de Virfäll?**

D'Regierung huet sech net zu dëse Virfäll mat der Ambassadrice ausgetosch.

**3. Wéi bewäert d'Regierung déi aktuell Relatioune mat der neier US-amerikanescher Ambassadrice?**

D'Relatioune mat der neier US Ambassadrice si konstruktiv. Sie baséieren op engem oppenen Echange zu de Sujeten déi fir eis béid Länner vun Interêt sinn. D'Regierung consideréiert dobäi och den Zoustand vun den transatlantesche Relatiounen op europäeschem Niveau, deen och en Impakt op Lëtzebuerg kann hunn.

**4. Huet de lëtzebuergeschen Ambassadeur an den USA op diplomateschem Niveau zu dëse Virfäll intervenéiert?**

Nee.

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2026

Minister fir auswäerteg

Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel